# Mënsch

## Spillbeschreiwung:

Mënsch ass en aalt lëtzebuergescht Trompspill, dat zu 4 gespillt gëtt.
Et spillt ee mat de Kaarten ♣ ♠ ♥ ♦ 7 bis Kinnek an d'Assen.

☞ **Wat ass Tromp?**
Tromp sinn déi Kaarten mat deem héchste Wäert: all ♣ an all d'Dammen.

☞ **Hierarchie vun de Kaarten:**

Tromp:

| | |
|---|---|
| ♣ D | (= Mënsch, spillt zesummen mam ♠ As) |
| ♠ D | (= Mitt) |
| ♥ D | (= grouß Konter) |
| ♦ D | (= kleng Konter) |
| ♣ 7 | (= no den Dammen déi héchste Kaart) |
| ♣ A | |
| ♣ K | |
| ♣ B | |
| ♣ 10 | |
| ♣ 9 | |
| ♣ 8 | |

duerno déi aner Faarwen:

| | | |
|---|---|---|
| ♠ A | ♥ A | ♦ A |
| ♠ K | ♥ K | ♦ K |
| ♠ B | ♥ B | ♦ B |
| ♠ 10 | ♥ 10 | ♦ 10 |
| ♠ 9 | ♥ 9 | ♦ 9 |
| ♠ 8 | ♥ 8 | ♦ 8 |
| ♠ 7 | ♥ 7 | ♦ 7 |

**Ziel vum Spill:** Als Equip oder eleng 5 Streech ze kréien.

## Virbereedung:

All Spiller kritt 8 Kaarten. Et ginn 2 Mol 4 Kaarten ausgedeelt.
Jidderee seet, ob e wëll „eleng goen" oder „passen".
An der 1. Spillronn seet jiddereen, ob e wëll „mitten", „konteren" oder „kontramitten".

☞ **„e Ganzt/eleng goen"**
E Spiller ka versichen, déi 5 Streech eleng ze kréien. E ka fir déi Ronn eng aner Faarw wéi ♣ als Tromp bestëmmen. Wann zwee oder méi Spiller gläichzäiteg wëllen e Ganzt man, da gëlt d'Regel: Deen 1. ass vir.

☞ **„mitten" oder „konteren"**
Wann e Spiller d'Mitt, d.h. ♠ Dame huet, kann e „mitten". Da gewënnt, bzw. verléiert, en dat duebelt (+ 10 Cent bzw. – 20 Cent).
Wann e Spiller déi zwou Konteren d.h. ♥ Dame an ♦ Dame, huet, kann e „konteren". Da gewënnt, bzw. verléiert, en och dat duebelt (+ 10 Cent bzw. – 20 Cent).

☞ **„kontramitten"**
Wann e Spiller d' Mitt an déi zwou Konteren huet, kann e „kontramitten". Da gewënnt, bzw. verléiert, en nach eng Kéier dat duebelt (+ 20 Cent bzw. – 40 Cent).

## Spillverlaaf:

Dee Spiller, dee lénks vum Ausdeeler sëtzt, leet déi 1. Kaart aus. Déi aner Spiller musse „bekennen“.

> ☞ **„bekennen“**
> All Spiller muss déi selwecht Faarw spillen, wéi déi Kaart, déi als 1. an där Ronn ausgeluecht gouf. Wann als 1. ♥ ausgeluet gëtt, da mussen déi aner och ♥ leen. Wann als 1. Kaart Tromp geluecht gëtt, mussen déi aner och Tromp leen.
> 💣 D'Dammen gehéiren zu Tromp, net zu hierer Farw!

## Wee spillt mat wem?

Dee Spiller, deen d’Mënsch huet, spillt zesumme mat dem Spiller, deen ♠ As huet. Soubal déi éischt Kéier ♠ ausgespillt gëtt, muss de ♠ As geluet ginn. Wann ee Spiller d’Mënsch an de ♠ As huet, spillt en mat dem ♠ Kinnek. An deem Fall rifft en direkt am Ufank vum Spill de ♠ Kinnek, dee sech awer réischt weise muss, wa déi éischt Kéier ♠ ausgespillt gëtt. Huet ee Spiller déi 3 Kaarten, „rifft“ en ♠ Bauer, da ♠ 10 asw.

Als Team probéiert een lo zesummen déi 5 Streech ze kréien, déi ee brauch, fir ze gewannen.

## Schluss:

Dee Matspiller, deen déi héchste Kaart ausleet, kritt de Streech.

Wann eng Equip, bzw. ee Spiller eleng, 5 Streech huet, ass se gewonnen.

## Wertung:

- Wann d’Equip mat der Mënsch gewënnt, kréien déi 2 Spiller jeweils 5 Cent vun denen 2 aneren.
- Wann d’Equip mat der Mënsch verléiert, ginn déi 2 Spiller jeweils 10 Cent denen 2 aneren.
- Wann ee Spiller eleng gewënnt, kritt en 10 Cent vun all Spiller. Wann e verléiert, gëtt en denen aneren 3 jeweils 20 Cent.
- Wann ee Spiller „mitt“ oder „kontert“ a gewënnt, kritt en dat duebelt. Wann e verléiert, gëtt en denen aneren 3 dat duebelt. Als Equip kritt/bezillt säi Matspiller dat selwecht.
- „Kontramitt“ = duebelt vun „mitt“ oder „konter“.
- Wann ee Spiller all d’Streech kritt, kritt en 20 Cent vun all Spiller, wann e weder „gemitt“ nach „gekontert“ huet, 30 Cent, wann e „gemitt“ huet a 40 Cent, wann e „gemitt“ a „gekontert“ huet.

Am Detail:

| | Equip Mënsch | Equip 2 | 1 Spiller | Equip 2 |
|---|---|---|---|---|
| gewënnt | + 5 Cent | - 5 Cent | + 3*5 Cent | - 5 Cent (jiddereen) |
| verléiert | - 10 Cent | + 10 Cent | - 3*10 Cent | + 10 Cent (jiddereen) |
| konteren/mitten a gewannen/ | + 10 Cent | - 10 Cent | + 3*10 Cent | - 10 Cent (jiddereen) |
| konteren/mitten a verléiren | - 20 Cent | + 20 Cent | - 3*20 Cent | + 20 Cent (jiddereen) |
| kontramitten a gewannen | + 20 Cent | - 20 Cent | + 3*20 Cent | - 20 Cent (jiddereen) |
| kontramitten a verléiren | - 40 Cent | + 40 Cent | - 3*40 Cent | + 40 Cent (jiddereen) |